

Nº 166

Dem Mareileis sei Kröschtköndel


E Spill vir Kanner an 2 Akten
aus der Kröschtzeit

vum

Ed. SEIDEL



Letzeburg 1937
Drock a Verlag vum P. WORRÉ-MERTENS



I. AKT.

1. Zén.

Beim Berta an der gudder Stuff. D'Marleis huet e Kicheschiertech un, et kiert d'Stuff. 't ass midd, hält alt en Ament op, d'Hand v'rüm Monn, et gabst.

Oh — wat sinn ech eso' midd! d'kiert nés me' fleisseg, stellt allt e Stull op d'Seit an eso' virun) Do, — elo sinn ech ferdeg — endlech — ech fälen och bål vun de Stelzen. D'sollen och keng Feierdég komme fir mech, d'le'sst sech op e Stull fälen) — tass och schons läng vu 6 Auer un de Muergen. — (lét de Kapp op d'Hand) elo bletzt et àwer och am ganzen Haus — oh — an d'An fale mer nach zo' — èng Grimmel muss ech raschten. — We' richt et eso' gutt no Kröschtdag — d'Kröschtköndel huet haut secher och vill ze dinn — — an dé gudde Niklas am Stall — dé schafft àwer och vill — d'gabst an d'Hand, le'sst de Kapp nés an dÄrem fälen, an de Biesemstil am Arem schle'ft et an. (D'Luchte ginn elo lues aus. Eng Dier gét op. De Piano, Harmonium oder Gei, intone'ert a spillt fortwährend aus der Oper — Si j'étais roi — vum Ad. Adam, dén Dél no dér 2ter Cadenz — Adante sustenuto — bis zum 16ten Tackt, so'läng d'Zén dauert. Ob den Tackt vun der Muséck kommen d'Wichtelen, mat ro'der Kapuz, Bart, ro't Boxen, Rimm em de Leiw Länntercher an der Hand, oder Kief mat Äppel, Bieren oder Nöss etc. Hannendrun d'Kröschkönnchen, ganz a Weis, e Stér am Hoer en Diadem op der Stier, Fliécken,— am Arem eng gro'ss Popp. Derhannert nés en Zwerg mat èngem Bémchen, Kerzen drun etc. Se ze'en onhe'erbar em den Dösch. D'Zwergen könnten och e Schliet an dém d'Kröschtkönnche setzt no sech ze'en un èngem weisse Band iewert d'Schöllren. D'Kröschtköndel stellt sech op èng Bänkelchen hannert d'Marleischen an et kösst et ob d'Hoer.— Vun ènger ànrer Seit komme Sche'fer mat ènger Kröppchen

ev. mat èngem Schéfchen. Se bilden all èng Grupp ob dèr rechter Seit vun der Zén um Buedem. Se leien um Bauch, ob de Kne'en etc. Vun der Ramp aus ro't belicht.

Den Titti könnt ob de Fo'sspetzen eràn, kuckt sech d'Marleis un, a mechì em e Fanger a gét nès grad eso' aus. Hat re'ert sech net. Hannert der Zen sangen d'Kanner — Stille Nacht, heil'ge Nacht — Dé Grupp um Buedem verhàlt sech eso' läng ro'eg.

Op émol rifft d'Berta aus der Kichen: Marleis, — Marleis? De ganzen Dràm verfle't. D'Museck spillt we' virdrun, an alles nés zur Dier aus a fort. D'Museck stierwt luos of. D'Mareileis hiewt de Kapp, reiwt sech d'An, kuckt verwonnert em sech.)

Mareileis. We' war dat eso' sche'n — ech hat secher gedrémt?
't kuckt èmmer op de' Plàtz, wo virdrun de' sche'n Zén war
a reiwt sech nodènklech d'Stier)

aus der Kichen. Dajé Mareileis, wo' bleiws de nömmen?

2 Zén.

De Robbi, den Titti an d'Ketty kommen era gestiermt, se klappen de Schné' vun de Schong.—

Mareileis. Jo ech kommen, — (hölt de Biesem a wöllt goen)

Robbi. Hues de Stöpp an den O'ren, Mareis, d'Mama rifft schons èng ve'rel Stonn no der?

Mareileis. — ech hunn et net he'ren —

Ketty. Ech mèngen, et he'ert gèren net!

Titti. — oh elo könnt d'Mama selwer, da wärt et emol gesinn!

Mareileis. — O Gott — dann hätt alt é vun iech, de Robbi alt, an d'Kiche solle lafen, ech hunn dach d'Kummer proper gemächkt!

3 Zén.

d'Berta könnt vum Båken, aus der Kichen.

Berta. (zum Mareileis) Ech mèngen du he'ers net me' gutt Mareis,
ech hunn ewell dack genug geruff?

Mareis. Ech war um Wé ze kommen, Matant —

Titti. Nén et huet geschlof —

Berta. Ro'eg Tittichen, wie gét dann elo schlafen?

Mareis. Dach Matant, vun e lauter Middegkét si mer d'An zo' gefall.

Berta. Do hu mer et. — Wo' vunnen solls du dann eso' midd sinn, de' puer Grompren ze schielen, dat besche spullen, a kieren —

4 Zen.

D'Peif am Monn, stét den Niklas an der Dier --

Niklas. — dat Grimmel spullen kieren botzen an dausend Kommissio'nen an honnert dausend aner eso' Grimmelcher, — dat Kand ass dach net vu Stol an Eisen —

Ketty. Huet én dech geruff, Niklas?

Niklas. Wölls du ro'eg sinn du Knetzel. (stopt séng Peif)

Berta. Hunn d'Ke' hier Schlupp, sinn d'Pärd gefiddert -- -- ?
(zum Mareis) Laf du se'er an d'Kiche kucken, dat Männercher net ubrennen.

Mareis. Jo Matant. (of)

Niklas. d'Hénger, d'Gäns, d'Schwein, d'Géssen an alles huet sei Fudder a séng Ro' —

Berta. Abbé, da ge' ob déng Kummer a komm kèng làng Rieden hier hälen, dann hues du déng Ro' och. Wéngs dem frieme Kand elo gett och nach net hei am Haus rebelle'ert. Huet schons én sech dröm gekömmert, wat ech vu fre' bis spe't muss léschten? D'wärt nach kén zevill vun dém Kann verlängert hunn!

Robbi. — Titti gi mer nés ob d'Stross no der Tata kucken ?

Ketty. Ha — ha — zi! (mat den ànren aus)

Berta. (hölt et eröm) Gott sén dech mei Schnuckelchen! Hues de der schons de Schnaepichen an dèr Kélt geholt?

Niklas. De le'wen Hérgott huet och nach Zeit, dat Geschnudels ze sénen.

Berta. T'wär besser, du géngs ob déng Kummer goen, fir dech proper ze màchen, fir de' Feierdég.

Niklas. Der huet nawell recht Méschtersch, mé losst iech et gesot sinn, fir d'Kröschdég soll én net nure bausse proper sinn, d'soll én och bannenzeg opraumen. (e gét nodènklech aus)

Berta. Wat der Deiwel soll an de Niklas gefuer sinn? Derbei plot é sech vu fre' bis spe't, dat eppes guddes op den Dösch könnt, et bre't a béké én, d'ganz Haus richt no gudde Sâchen, an dach ass kén zefritten? Wat ass dat èng gelunge Welt?

5 Zén.

De Robbi aus dem Schne'.

Robbi. Mama, hues de net vergies dem Babett de' zwo' Dossen
Er ze schécken? Ech dènken elo den Ament drun!

Berta. Jes Maria net nach — dat hunn ech wierklech ganz vergies. Du dènks un alles mei gudde Jong! — Wat hues'd èng sche' ro't Farw, der erkält mer nach allen drei do-baussen. Sitt der dann eso' fro' mat der Tata Monika! — Mareileis? — Nèn ech lafe se'er selwer — hu mer nach eso' vill Er?

6. Zén.

d'Mareileis an èngem Eifer.

Mareileis. Jo, Matant?

Berta. Donk se'er dei Schnappeg un an da léf's de hurteg bei d'Joffer Babett um Kiem, mat den Er. Ech ginn der se se'er sichen. (fort)

Mareil. (voll Angscht) An dèr Deischtert nach?— An tass schons eso' spe't?

Titti. Ass dat der och zevill?— Ech mèngen tass der alles zevill?

Mareil. Da laf du, du hues jo eso' vill Courage!

Robbi. Ma hei hat? Wofir hu mer dech dann?

Ketty. An den Titti bleiwt hei!

Titti. An iewerhapt, — d'Mama huet dech dach geschéckt!

Ketty. A mir warden ob eis gutt Tata Monika!

Titti. Dat ass eis Tata Monika!

Robbi. Eso' éng gutt Tata huet kén ob der ganzer Welt.

Mareil. D'Tata Monika ass och méng Tata, de' ass och fro' mat mir.

de' drei. Oh hei hat?

7. Zén.

d'Berta mat èngem Kiefchen Er.

Berta. A wat huet der Kanner? — Hei sinn d'Er nu ge' se'er Mareileis.

Robbi. D'Mareis sét d'Tata Monika wir och séng Tata, dat ass awer net wo'er geldu net?

Berta. Ma gewöss Könnercher, — tass èr Tata a këngem ànre séng. So' Mareis elo gés de hinnen eröm erlascht eraus, do ass de Schne' nach net eweg gekiert, — ge' gemaelech, du hues gutt Zeit a màch dat d'Er der net falen.

Mareil. Jo ech tommle mech. (d'Schnappech bei den An fort. D'Kanner ginn em no: é ätsch 't muss awer goen. 't muss awer goen?)

Berta. Wo'fier pinscht et dann elo nés? D'gét dach soss eso' gèr bei d'Babett, dann dauert et emmer èng E'wegkét iert et de Wé nés hém fönd? Kanner kommt eran, der erkalt iech jo d'Hérz am Leiw. D'Tata Monik wèrt elo net me' weit eweg siñn, de Pier ass jo mam Schliet op d'Gar se sichen.

Ketty. Ha — ha — ha zig merci.

Berta. Gesondhét mei Schnuckelchen, we' huet et sech erkàlt?

Titti. — ass besser we' èng Krankhèt.

Robbi. Gott sén dech Ketty.

Ketty. — dech àwer och Robby — kuck emol Titti op d'Tata nach net könnt.

Titti. Nach neischt ze gesinn, se könnt nach emmer net.

Berta. Wat èng Gellegt? Könnt der èr Liddercher? Der wösst dat d'Tata drèckt durno frét.

Robbi. Och, de' mat dén éfaellege Lidder, d'Mareileis wés se,—
gutt dat et net hei ass.

Ketty. D'Tata ass am méschte fro' mat mir!

Titti. Oho, — a mat mir dann? Dén hei kann d'Lidder all auswenneg a wann d'Tata könnt, ginn s'op gesot.

8. *Zén.*

Dobaussen kléngelt et, d'Kanner sprange bei d'Dier, der Tata Monika em den Hals.

All. Eis Tata, eis gutt Tata.

Berla. Bass't endlech do Monik, — du gléws net wat de' drei op dech gelauert hunn. Wat eso' Kanner können un èngem hénken?

M'nika. Jo jo kuck kuck Könnercher màcht àwer lues, àr Tata ass net me' vun haut a gëscht. Gudden Owend zesummen, dat mecht èngem Fréd wann én eso' le'w empfänge gett!

Titti. Ech kann d'Lidder, soll ech ufänken?

Monika. Nach net mei Jong — hernochend.—

Berta. Elo setzt der iech emol braw eluer Könnercher. Monik göff mer dein Hutt an de Pelz hier, ech hänken der d'Sâchen op. (aus)

Robbi. Soll ech de Koffer alt opmachen Tata?

Monika. Wann et der Fréd mecht, gewöss mei Jong. Wé' ass et bei iech eso' gutt wàrem! — Dobaussen ass et dat è kén Hond sollt ausjoen.

Titti. Gelt emol Tata, — a mir stongen eso' läng am Schne' op dech ze wàrden.

Monika. Chéjé, mei Jong, bass de dann eso' fro' mat dénger Tata?

Ketty. Ha — ha — tzimonika, ech àwer och Tata!

Monika. Gott sén dech mei Schéfchen, hues de durch d'Tata de Schnaeppi erwöscht? — Do musse mer awer emol kucken, wat d'Kröschkönnchen dém gudde Ketty matgeschéckt huet?

Robbi. De Koffer ass op Tata, soll 'ech? (mecht op) Oh we' fein?

Monika. Do, — èng Pöpchen, ass de' net sche'n? (récht dem Ketty se)

Ketty. De' ass awer och sche'n — — (d'Berta ass nés do)

Monika. — an hei ass, loss mer dat emol op èng Seit léen — ma Berta wo' ass dann dem Finn sei Mareileischen? Ech duet alt — — !

Berta. Dat ass se'er èng Kommisio'n machen!

Monika. Eng Koumisio'n màchen? (lächt ongléweg) Jé ge', d'wèrt beim Niklas am Stall sinn?

Bobbi. Ma nén, 't ass bei d'Joffer Babett mat den Er, de' d'Mama vergies hât, — mer brauchen hat dach elo net?

Titti. 'T kann nach ro'eg beim Babett bleiwen.

Berta. 'T ass och den Ament eröm Monik —

Monika. (hölt resolut séng Sàchen nés eröm, an et lét se nés an de Koffer, an zo' dermat) Da warde mer och dén Ament nach mat eise gudde Sàchen, bis mer all beiené sinn. Ass d'Kand schons lâng fort?

Berta. Oh, schons e gudde Strèpchen, du hues et bege'nt, mé secher net erkannt.

Monika. 'T ass mir ké Mareileische bege'nt. Schumm dech dach, ént bei dér Kélt an an dém Schne' an de' Deischtert ze schécken!

9. Zén.

De Niklas fein a proper mat der Peif am Monn —

Monika. — ah do könnt de Niklas! Nowend Jong. Fir wat könns de mer net bis bei d'Gar entge'nt?

Niklas. (verwonnert) Ma? — de Pier ass dach mam Schliet op d'Gar?

Monika. Bei der Gar stong e Schliet, dat stömt, mé de Pier war net derbei. Du hunn ech alt de Wé mussen zu Fo'ss mâchen.

Niklas. An elo wèrde mer der Rei no gutt verbotzt ginn. 'T dér mer awer ferm léd Matant, ech ech kommen elo awet emmer selwer, wann et gelt. Wér ech nöñmen ménge Gedanke gefollekt? Dann hätt der net brauchen durch de Schne' ze goen.

Monika. Mé du häss dem Babett sollen d'Er droen, dat Kand erfre'ert d'Se'l am Leiw!

Niklas. Ass d'Mareileischen dann nach an d'Duref? Do hé'ert dach alles op!

Berta. A wofir soll do alles ophälen!

Monika. Wés de wat Niklas? — Du gés dem Kann entge'nt, a wann's de erömm könns, kucke mer wat de Méschter der sche'ns mat geschéckt huet.

Niklas. Aha? Gewess dat mache mer! Ech wés schons, — de Méschter huet mer sein àle Radium matgeschéckt. Dann huet en et awer net vergies?

Monika. Du hues et geroden. (de Robbi huet eso' eppes ausgепàkt)

Robbi. Hei ass eso' eppes Niklas.

Niklas. Dat mecht mer awer Fréd. Wo' ass dann dé Knapp fir zo'zedre'en?

Titti. Hei ass dén Niklas?

Niklas. Ah do? Dat ass dat sche'nst wàt drun ass. Dé musse mer eis mierken.

Monika. (lächt) Ma dat sot de Méschter och emmer Niklas. Mé elo màch dech awer op d'Strömp!

Niklas. Ech wèrt den Ament erömm sinn. (of)

Ketty. Bass de dann elo net me' fro' mat eis Tata Monika?

Titti. (schméchelt) Mir awer nach ferm mat dir Tata!

Monika. Ech gléwen es gér Kanner, ech hunn iech all gér, ént eso' vill we' dat anert, och dat gutt Mareileischen. Hat huet ké Papp a kèng Mamm me', an dat net durch séng Schold —

Berta. 'T ass dach gutt obgehuewe bei ons, an —

Monika. — ech wés, ech wés et Berta, du mèngs et gutt. Awer d'muss och èng Grimmel Iewerlées do sinn. 'T ass net de Kuch an d'Zopp ellèng de' én dem verlossne Kann soll ginn, d'muss én och Le'wt ginn. An de' ége Kanner soll én och le'ren, net nuren u sech ze dènken, se solle le'ren, dat de' grésst Fréd de' ass, ànren èng Fréd ze màchen. Dann huet é Fréd a Gléck och am Hierz, vill me', we' wann én nömen d'Hand ophält. So' — elo wösst der Beschéd.

we' d'Tata Monika et mèngt, a bis de Niklas mam Mareileis do ass kucke mer, op mer nach e Kröschtliid sange können.

(Ob èngem Stänner, oder ob dem Dösch stét e Lichten mat Kerzen, v'leicht och e Bémchen, oder un der Dècken en Adventskranz. D'Monika fängt d'Kerzen elo un an d'Kanner sangen e sche'nt Kröschtliid. En etlech Speizmännercher u'gebrannt, ge'w d'Wirkong nach erhe'gen.)

RIDO.



2. AKT.

1. Zén.

Bei der Joffer Babett an der Stuff. Se setzt do Strömp ze stopen. Um Dösch de Kaffisbietz, en Teller mat gebaken Äppel. Eng Fotell, Still etc. Ganz gemittlech. D'Nopesch, d'Madam Guddég hiewt sech fir ze goen.

Babett. Gedier, da schéckt der mer de Pittche mat en etlech Eer, d'soll é sech hautzedags àwer op ké Mönsch me' verlossen. Ech baken dann nach èng Grimmel, eso' ganz o'nie eppes Gebäckeltes géng ech dach net gier iewert de' Feierdég do setzen. Dat géng mer net passen.

Guddég. Nén ech könnt mer d'Feierdég och net gutt o'nie Gebäckeltes virstellen. Der wärt gesinn, Joffer Babett, d'Berta huet d'Er vergies. Hat huet och alt e beschwe'erte Stot. Dat villt Ve' an de' drei Könnercher.

Babett. — an d'Mareileis, — de Pier an den Niklas net ze vergiessen! Do ass Schaffes, ech gléwen es, — d'sét én dat eso'.

Guddég. Dajé, bis hernochend! —

Babett. Jo, da bis hernochend! Sot Madam Guddég, ditt der och emmer en etlech Nélcheskäpp an èr Kichelecher?

Guddég. Dat könnt jo alt op de Gu un Babett, mé et dét én der emmer drän da schmâche se we'negstens no eppes. (dem Babett an d'O'er) Da mèngen d'Leit wonnerscht wàt et wär — måcht ro'eg èng gutt Parti dran, och en etlech Lorbiersblieder! Bis hernochend dann!

Babett. Jo da bis hernochend, — da setzt én dem Besuch nach èng se'ss Dröppchen duer — jé, alles wat muss sinn! Dajé da schéckt mer de Pittchen, da bis hernochend. (Guddég of)

Babett. (reiwt sech d'Hänn) Hu wàt èng Kélt könnt zu dër Dier eràn. Hätte mer dach dé Wanter nés gutt eröm! 'T soll é kén Hond ausjoen. (schött sech èng Tàs Kaffi aus)

Dé gudde Kaffi! — Elo könnt é schons drun dënken, a sei gutt Plaumebett ze klammen, wann d'Berta mer mat Zeiten d'Er geschéckt hätt. — Derzo' — 't ass nach Zeit, wann et och èng Stönnche me' spe't gött. Ech verlängre nun émol no dém gudden Doft, vun dém Kröschtgebäck. — D'erennert mech all Joer we'negstens émol un de' vergângen Zeiten, we' mir Kanner, d'Männercher ausstiechen durften — d'klappt) Entrez? Dat ass de Pittche secher mat den Eer?

2. Zén,

De Niklas mat ènger O'rekàp, èngem Schâl an e Mantel un — Babett. Hei? — 't ass de Niklas? Ech duet, et wär de Pittche vun heiniewt mat den Er, elo bréngs du der och?

Niklas. Nowend Joffer Babett! Mèngt der, ech bre'ch och nach Er? — Hât d'Mareileis der dann net genug bruecht?

Babett. D'Mareileischen? — Dat huet mir nach këng Er bruecht, hei niewt de Pittchen —

Niklas. We'? -- War eist Mareileis net hei?

Babett. Ma néni Niklas, 't ass mein Escht!

Niklas. D'Berta, ech woll soen, d'Madam huet d'Kand e'nescht mat 2 Dossen Er bei iech geschéckt, an 't ass och braw fortgängen. Ech sollt et siche kommen, an héembréngen!

Babett. An dém Wieder elo schéckt én dach ké Kand an d'Nuecht.

Niklas. Dat sot d'Matant Monik och, de' huet ké schlechte Kome'die geschloen, mer sinn all der Rei no gutt verbotzt ginn.

Babett. Ma de' wärt recht gehàt hunn! — Mé anstatt hei ze babblen, dénge mer besser emol nom Kann kucken ze goen —

Niklas. Bleiwt dir emol an d'r wärmer Kummer Babett ech ginn elèng —

Babett. Dajé alt — wat e Verdross — Entrez! Do könnt et?

3. Zén.

D'Madam Guddég mat den Er —

Niklas. Ma, — 't ass d'Madam Guddég.

Guddég. Hei't Joffer Babett sinn d'Er. Ech komme selwer, 't war dem Pitti ze kal. — Ass eppes geschitt? Huet de Niklas och Er bruecht?

Niklas. Krenondikass nén, ech hu këng Er bruecht, (schons an der Dier) d'Mareileis hätt sollen Er bréngen, — bis hernochend — (fort)

Guddeg. A wàt? — (léft bei d'Dier a rifft no) Niklas kuck — (eröm heibannen) En ass schons ze weit fort. Beim Meieschhaff so'ss eppes op dém gro'sse Stén bei der Puert. Mir domm Fraleit hunn et och emmer eso' se'er mat der Angscht ze dinn, hätt ech nöme besser gekuckt!

Babett. Ech hunn elo èng Onro' a mer. De Niklas fönd et secher. Wat ass e besuergt fir sei Mareileis!

Guddeg. Jo en ass fro' mam Kann. — e Glück fir et.

Babett. (gét alt bei d'Dier aus kucken) Der wärt gesinn, Mad. Guddeg, dat huet sech bei Meiesch hier Puert gesat, fir en Ament aus dèr scharfer ellener Schne'loft ze kommen?

Guddeg. — an du ass et vu Middegkét entschlaf — eso' gét et —

Babett. — e Verdross — hei do könnt de Niklas, en huet et am Arem —

Guddeg. (réckelt de Fotell zerecht, e Stull derbei, èng Décken ass och bei Hand) Bréng et hei an de' Fotell Niklas, mir entde'en et, haut spiert et këng Kélt me'.

4. Zén.

De Niklas mam Mareileis um Arem vir, d'Babett hannendrun.
E lét et an d'Fotell.

Babett. Ech mèngen, d'war he'chsten Zeit?

Niklas. Ech mèngen dat och. Losst mer elo këng Dommhéte màchen, mer lossen et elo schlafen, bis et vu selwer erwächzt.
'T ass hei bannen net zevill warm, grad ewe' gewönscht.

Guddeg. We' et eso' fest schle'ft? — Wat wärt et kucken, wann et bei der Joffer Babett erwächzt?

Babett. Losst mer Gott danken, dat mer et bei Zeit fond hunn,
no ènger halwer Stonn wär et ze spe't gewierscht.

Niklas. Der huet recht Joffer Babett, um Wé hunn ech dat schons besuergt.

Guddeg. Elo kache mer emol e gudden Te', Babett —

Babett. Ma gewess, ech ginn elo an d'Kiche fir mein Dég unzesetzen, fir d'Gebäck, elo wés ech, dat ech nach net onnetz ob der Welt sinn —

Niklas. An ech mache mech hém, fir Beschéd ze soen. Einstweile kann et emol net hémgoen haut den Owend.

Babett. Des Nuecht schle'wt et dann hei, beim Babett.

Niklas. Bong. — Ech mächen d'Sâch mat der Méschtersch an d'Rei. Mol kucke wat se durzo' sét. Da bis hernochend. (of)

Babett. So zum Berta, d'Kand wär gutt obgehuewen.

D'Madam Guddeg dèckt d'Mareileis nach gutt zo'. Da gét se mam Babett an d'Kichen. Op den Ze'wen aus.

D'Luechte ginn èng no dèr aner lues aus. D'Muséck intone'-ert ganz lues, dann emmer me' stark e Motiv aus - Si j'étais roi - we' am I. Akt. D'Gnomen, d'Sche'fer, d'Kröschkönnchen etc., we' virdrunn, nom Tackt vun der Muséck an op den Ze'wen, vun der Ramp nés belicht mat èngem ro'de Schein. Ev. séngt e Kannercho'er - Kling Glöckchen, kling - No dém Lidd he'ert én d'Stömme vun der Tata Monika, dem Niklas etc., an husch, verschwönnt de ganzen Dram. D'Luechte ginn nés un. Den Ofmarsch soll alt nés nom Tackt vun der Muséck erfollegen.



5. Zén.

D'Tata Monika, de Niklas, d'Berta mat de Kanner, vun dèr ànrer Seit d'Babett.

Monika. 'T hätt mer jo guer kèng Ro' geloss, o'nie d'Kand nach gesinn ze hunn, a mei Bett ze goen.

Babett. Wat kre'en ech do nach vill Besuch? Komm der nach bei d'Mareileis, dat ass awer sche'n.

Niklas. Lues, — lues, net eso' vill gebabbelt, der gesitt et schle'ft
nach emmer —

Berta. Setzt iech Kanner, a stitt dé gro'ssen net am Wé! (de'
setze sech braw. D'Berta zo' den anren:) Wat ass do ze
mâchen, wo'hier könnt dann do dé Schlof?

Niklas. (krâz't sech op der Kopp) Dat könnt mer och gelunge
vir?

Ketty. Darf ech mech bei d'Mareileis setzen?

Babett. Jo Könni setz dech bei d'Mareileis.

Monika. Jo Schnucki setz dech eluer, mé wat ass do ze mâchen?
Loss mer alt èng Grimmel otwärden! 'T muss dach émol
erwaechen?

Niklas. D'Zeit fängt un, èngem läng ze ginn, dat ass mir e
gelungne Schlôf.

Babett. Mer müssen nun émol gedölleg sinn. Der misst mech
emol en Ament entschöllegen, ech hunn en Teller mat Gebäck
an d'Fenster gesat fir et kàl lossen ze ginn. Ech muss huer-
teg kucken op dem Noper séng Schmunchen nach net an
der Noperschäft ass. (fort)

Monika. Gitt dier Babett, mir si jo hei — —

Berta. Ech hunn èng Angscht a mer. Huet d'Kand Fe'wer Niklas?

Niklas. Oh — ech wés net, d'schéngt es emol. Mé d'gefällt
mer eppes net, de Niklas wärt wuel nach den Dokter
müssen huele goen.

6. Zén.

D'Babett ma'm Gebäck.

Babett. Mèngs de' du misst nach den Dokter huelen — huel
der emol e Stéck Gebäks — da gés de drop lass.

Niklas. Merçi Babett, 't ass gutt gemèngt — ech froen net vill
no dé se'sse Sàchen, èng gutt gekachte Ke'sseschmier mat
Moschter a Peffer drop ass mer le'wer, we' dat elo —

Monika. Wart alt le'wer nach èng Grimmel, ob émol erwächst
et awer, kuck emol huet et sech net gere'eit?

Berta. Nén, — et huet sech nach net gere'ert. (schle't mam Kapp
ob d'Ärem an op den Dösch, an hault betterlech) Oh ech
Onverständ!

Babett. (stét hannert dem Berta, iewert et gebéckt) Berta, — ech sinn eso' ellèng, — iewerloss mir d'Mareileis ech bieden dech dröm? — Monika sot dir dach och jo?

Robbi. (se'er) Né Joffer Babett, elo nach net, mir mussen nach villes gutt màchen, lost ons et nach, gelt Tata Monika?

Titti. Mer huelen et nés mat — —

Ketty. 'T ass onst ganz elèng!

Berta. Babett, du kriss et — mé elo nach net, du he'ers et jo — mer hunn nach zevill um Kann gutt ze màchen, — wat dét et mer eso' léd.

Monika. (kreischt och elo) 'T ass jo ze spe't, kuck Niklas — (weist ob d'Marleis)

Niklas. (traureg) Ze spe't — elo huet et séng richteg Hémecht fond!

Titti. — ass et elo do't — eist Mareischen?

Ketty. (werft sech iewert et) Marleis erwäch dach!
(D'Mareileis le'sst elo en Arem erof fälen, a mecht d'An gro'ss ob. Et kuckt éscht a verwonnert) Wo' sinn ech?

Monika. (an all an énger Fréd) Gott sei Dank, — 't ass erwächt, Kanner wat èng Fréd!

Marleis. (lues) Ech hält awer eso' sche' gedrémt — ech war am Himmel!

Niklas. (reiwt sech d'Hänn) Do sét én dervun — Kanner ver-giest net, wat der iech gutts virgeholt huet, mer hun eist Mareis eröm, losst mer elo fro' a frédeg Kröschtowend feiren. Se sangen an ènger Fréd e sche'nt Kröschtliedd, de Vor-hang fällt.

RIDO.